*Newsletter*

02/2024

Natur genéissen

## NEI PRODUZENTEN

Folgend Betriber hunn eng Konventioun mat engem vun den dräi Naturparken, respektiv SICONA ënnerschriwwe, fir kënne Produiten iwwer *Natur* genéissen un d'SEA ze vermaarten:

### 1. De Fromburger Haff vun Osweiler



De Jeff Weydert huet sech säin Dram vum eegenen Haff 2017 erfëllt. D'Iddi hannert sengem Haff war et vun Ufank un, en anere Wee ze goen. Sou huet de Jeff decidéiert, op engem Deel vu sengem Betrib Geméis nom Prinzip vun der solidarescher Landwirtschaft unzebauen. Hei kann d'Gesellschaft sech also um Betrib bedeelegen, matschaffen an och selwer Geméis recoltéieren. Dernieft vermaart de Jeff op sengem Haff Fleesch vun deenen eegenen Angus Béischten, Uebst an Eeër.

Bei *Natur genéissen* vermaart de Jeff Weydert seit Abréll 2024 säi Bio-Angusfleesch. Seng Efforten a Saachen Naturschutz ginn dobäi wäit iwwert déi vun *Natur genéissen* gefuerdert Mindestwäerter eraus. Sou zielt de Jeff beispillsweis 18,5 % Strukturelementer op sénge Flächen an huet bei den zousätzlechen Emweltmesurë ganzer 53 Punkte gesammelt.

### 2. Den Haff Nico Keup vu Wäiswampech

Viru bal genau aacht Joer huet den Nico Keup mat der Bio-Ëmstellung en neit Kapitel an der Geschicht vu sengem Haff zu Wäiswampech, engem vun den nördlechste Punkten am Naturpark Our, ugefaangen. Niewent der Akerkultur ass d'Opzuucht vu Mammekéi d'Haaptstandbeen vu sengem Betrib.



Bei *Natur genéissen* vermaart de Nico Keup säit Ënn 2023 säi Limousin-Rëndfleesch. Och wann d'Erfëlle vun den zousätzlechen Ëmweltleeschtunge fir hien a säi Betrib kee Problem war, huet hie sech mat de Strukturelementer méi schwéier gedoen. Typesch fir de generell u Strukture méi aarmen Éislek, hunn 2 % gefeelt, fir d'Mindestufuerderunge bei *Natur genéissen* ze erfëllen. Ma doropshin gouf an

SICONA Naturschutzsyndikat · NATURPARK ÖEWERSAUER · NaturparkOUR · Naturpark Mëllerdall Geopark

Zesummenaarbecht mat der biologescher Statioun vum Naturpark Our e Plang ausgeschafft, deen ënner anerem d'Ubaue vun 38 Uebstbeem virgesäit, fir sech de Bedingungen vum Programm unzepassen.

### 3. Betrib Biohaff Steichen vu Welschent



De Betrib „Biohaff Steichen“ läit zu Welschent an der Gemeng Buurschent am Nord-Oste vum Land. Iwwer *Natur genéissen* vermaart deen vum Michel Steichen a senger Famill biologesch bewirtschaftete Betrib Rënd- a Jongrëndfleesch vun engem Limousin Trapp a Schwéngefleesch. Der Famill Steichen ass ganz besonnesch d'Déirewuel wichteg. Déi 2023 nei gebaute Schwäiställ mat eegener Maternité fir d'Opzuucht vun de Fierkel entspriechen deemno den héchsten a modernste Standarden. D'Fudder fir d'Déiere gëtt méiglechst integral op den eegenen Aker- a Grénglandflächen ugebaut.

Fir d'Erfëlle vun de bei *Natur genéissen* gefuerderten 3 % Strukturelementer op der landwirtschaftlecher Notzfläch, huet de Betrib Steichen ënner anerem knapp een Hektar bléieräich Broochsträifen laanscht en Deel vu séngen Ackerflächen ugeluecht, wouduerch Bestëbser an aner nëtzlech Insekte Fudder a Réckzugsméiglechkeete gebuede kréien. Ganzer 5,67 % vun der Notzfläch ginn am Sënn vum Naturschutz an *Natur genéissen* naturno bewirtschaft.

## SEA (service d'éducation et d'accueil)

*Natur genéissen* wiisst stänneg weider. Aktuell setzen 42 Gemengen an de Gebidder vum SICONA, dem Naturpark Öewersauer, dem Naturpark Our an dem Natur-& Geopark Mëllerdall dëse Projet an hiren SEA ëm. Nei dobäi fir d'Rentrée 2024/25 sinn d'Gemenge Colmar-Bierg, Ëlwen, Esch-Sauer, Luerentzweiler, Réiser, Wolz a Veianen.

Am dësem Newsletter an och op der Facebooksäit vu SICONA wäerten no an no d'SEA vun deenen eenzelne Gemenge virgestallt ginn. Weider Gemengen hunn och schon hieren Interessi um Projet geäußert, esou dass mir zukünfteg weider Gemenge wäert kënne wëllkomm heechen.

Newsletter

02/2024

## Gemeng Biissen

Gemeng Biissen ass scho säit 2018 Deel vun *Natur genéissen* a leet ee grousse Wäert op d'Hierkonft vun de Liewensmëttel, déi an der Kiche vum Restaurant scolaire verschafft ginn. Am *Natur genéissen* Laaschtenheft si Krittäre virgesinn, déi den Akaf vu lokale, regionalen a biologesche Produite reegelen.



Esou mussen z.B. mindestens 13 % vum Liewensmëttelbudget fir *Natur genéissen* Produiten ausgi ginn. D' SEA Biissen gëtt sech mam gefrote Minimum awer net zefridden an engagéiert sech, fir méi bei den *Natur genéissen* Betriber anzekafen an dës bei hirem Engagement fir den Naturschutz ze ënnerstëtzen. Niewent Ëmweltkrittäre mussen *Natur genéissen* Betriber och spezifesch Naturschutzkrittären erfëllen.

De Chefkach Daniel Schuh a seng Ekipp strëppen all Dag d'Äerm erop fir de Kanner gesond, nohalteg an equilibréiert Platen ze zauberen. Donierft ënnerstëtzt dat edukatiivt Personal vum SEA d' Ëmsetzung vum Projet, andeems mat de Kanner Aktivitéiten zum Thema vun der gesonder an nohalteger Ernärung gemaach ginn.

# RÉCKBLÉCK

## *Nature for people – People for Nature 2024*

Am Kader vun *Nature for people* ware mir bis elo bei zwee *Natur genéissen* Betriber op Besuch. *Nature for people* sinn Aktivitéiten an Excursiounen, organiséiert vun SICONA, fir Grouss a Kleng ronderëm Theme vun eiser Landschaft, verschidden Déieren- a Planzenaarte, wéi och eng Rei Naturschutzprojeten.

Newsletter

02/2024

Natur genéissen

### 1. Um Betrib Thiry

Mëtt Abrëll war de Startschoss fir d'Serie vun den *Nature for people* Aktivitéiten.




Um Betrib Thiry ass et ugaange mat engem Tuer duerch hir haffeege Molkerei. Do huet eis d'Pole vum Betrib Thiry erkläert, wéi d'Mëllech hire Wee an de Pak fënnt. Dono si mir um Betrib op hire Wisen zesummen op d'Sich no Wëllkraider gaangen. Kanner an Erwuessener hu verschidde Wëllkraider kennegeléiert a krute gewise, wéi een um Feier kacht a wéi een aus Ram Botter ka maachen. Dono goufen de Kraiderbotter, d'Indianerbrout an d'Brennnesselchipsen zesumme geschmaach.

### 2. Um Betrib Biohaff Kleer

De 14. Juli ass et bei de Biohaff Kleer gaange, wou mir vum Mario Kleer a sengem Jong Tom empfaange goufen. Mir hunn eis um Flouer Richtung Schandel getraff, wou d'Famill Kleer wéinst dem mei liichten, fir Geméis besser gëeegente Buedem hir meescht Geméiskulture stoen huet. D'Famill Kleer huet der Grupp Zelleri-, Poretten- a Kabes-Parzelle gewisen an diskutéiert, wat et heescht, Geméis ouni Bewässerung unzebauen. Zousätzlech gouf et och eng Demonstratioun vun hirer neitster Kappmaschinn, déi et erméiglecht, tëschent de Planzereien Bäikraut mechanesch ewechzehuelen, ouni d'Kulturplanz ze beschiedegen. Niewent dem Geméis krute mir och ee Feld mat engem Ubauversuch fir Kicherierbessen ze gesinn.



Als Engagement am Beräich Naturschutzhuet de Betrib an der Scheier zesumme mat SICONA eng Nisthilfe fir Schleiereilen opgehaangen. Mir hu gekuckt, wat am Gewölle vun de Schleiereilen dran ass an d'Bedeitung vun der Schleiereil an hirem Schutz duerch Mesurë wéi Nisthilfen thematiséiert.

**Mir soen dem Betrib Thiry an dem Biohaff Kleer merci fir déi léierräich gemeinsam Aktivitéiten !**

### 3. Op Besuch an der Gemeng Käerch

De Gemengevertrieder vu Käerch, de Responsabel vun dem SEA, Dussmann, an dem Produzent Philippe Matgé gouf de Bilan presentéiert no engem gudde Joer Ëmsetzung vun *Natur genéissen* an dem SEA vu Käerch. All Acteur konnt aus senger Siicht de Projet illustréieren an och d'Kanner konnten während dem Mëttegiessen hire Feedback ginn!



D'Gemeng Käerch ass am Januar 2023 *Natur genéissen* bäigetrueden fir méi regional, saisonal an nohalteg produzéiert Produiten anzekaafen, deelweis direkt bei de Baueren zu Lëtzebuerg. D'Kichen verschafft dës Produiten zu gesonden an equilibréierte Plate fir d'Kanner.

Zesumme mat de Bedreiwer vun der Croix-Rouge an Dussmann sinn d'Krittären erreecht an de Mindestprozentsaz fir den Akaf vun *Natur genéissen* Produiten esouguer iwwertraff ginn! Produiten, konventionell wéi och biologesch, musse vun esou no wéi méiglech bezu ginn. Woubäi bei Uebst a Geméis op d'Saisonen opgepasst muss ginn. Produiten vu méi wäit hier, mussen aus fairem Handel stamen. Bei engem gemeinsame Mëttegiessen konnten d'Acteuren sech nach weider iwwert déi verschidden Aspekter austauschen.

## AGENDA

### Samschdes, 21.09.2024 - 10:00 - 12:00



Am Kader vun engerer *Nature for people* Aktivitéit ass de Besuch vum *Natur genéissen* Betrib vum Thierry Garlemant „Koulbicher Uebst a Geméis“ geplangt. Hei gitt dir méi gewuer wat de Betrib fir ënnerschiddlech Geméiszorten ubaut, wéi hie wirtschaft a wat genee de Betrib am Beräich vum Naturschutz ëmsetzt.

Méllt iech nach séier per E-Mail ënnert administration@sicona.lu! Weider Infoen:

***Nature for People***

### Meet the producers 14.11.2024




All zwee Joer organiséiert *Natur genéissen* een Event, wou d’Personal vun den *Natur genéissen* SEA an *Natur genéissen* Produzenten zesummekomme, fir sech kennenzeléieren an ënnerteneen auszetauschen.

Zil vun dësem Event ass et fir den direkten Austausch tëschent Produzent a Konsument ze férderen.

**Dës Veranstaltung riicht sech nëmmen un d‘*Natur genéissen* Produzenten an d’Personal vun den *Natur genéissen* SEA.**

Weider Infoe kommen nach.

Newsletter

02/2024

Natur genéissen

## GUTT ZE WËSSEN

### Neie Slogan a Flyer

*Natur genéissen* huet en neie Slogan kritt. Aus „Mir iesse regional, bio a fair" gëtt „Mir iessen nohalteg a gesond!" Um Projet ännert sech doduerch awer näischt. Et gëtt weiderhi genau sou vill Wäert op de fairen Handel, kuerz Weeër a Bio-Produite geluecht. Mam neie Slogan gëtt allerdéngs och den Gesondheetsaspekt an der offizieller Kommunikatioun ënnerstrach.

Op Demande vu verschidden SEA, gëtt et den *Natur genéissen* Flyer elo och op Englesch. Dir kënnt en hei eroflueden:

**Flyer - english version**

### Nei Partner

*Natur genéissen* begréisst seng nei Partner, déi eng Konventioun am Kader vum Projet ënnerschriwwen hunn. Dozou gehéieren Côtes et Carrés fir d'Verschaffen vun *Natur genéissen* Fleesch an ORTEA fir de kalen Téi mat *Natur genéissen* Jus.

*Mir wënschen eng gutt Rentrée a bis geschwënn !*

SICONA Naturschutzsyndikat · NATURPARK ÖEWERSAUER · NaturparkOUR · Naturpark Mëllerdall Geopark